N°2494
Entrée le 20.06.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable et urgence non-reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 20.06.2025

LSAP

Här Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 20. Juni 2025

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 81 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës drénglech parlamentaresch Fro un den Innenminster an de Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel weiderzeleeden.

Di belsch Regierung huet en Donneschdeg ugekënnegt, datt eist Nopeschland elo och Kontrollen am Kader vun der Lutte géint illegal Immigratioun wäert aféieren.

Kontrolléiert soll op wichtege Stroossenachsen, Autobunnen, internationale Buslinnen a verschiddene Garë ginn.

- Mir géifen an deem Zesummenhang gär vun der Regierung wëssen, op déi Kontrollen am Virfeld mat der Lëtzebuerger Regierung ofgeschwat gi sinn?
- Wei ass d'Haltung vun eiser Regierung zu deene Kontrollen?
- Gouf offiziell vun der belscher Regierung bestätegt, datt et keng néi Kontrollen un eise gemeinsame Grenze wäert ginn?
- Wat fir aner Konsequenze wäerten déi Kontrolle fir eist Land an de Reesverkéier hunn?

Mat déiwem Respekt,

Mars Di Bartolomeo
Deputéierten

Dan Biancalana
Deputéierten

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu